1-2017-O-λ-5188-01(82840)

Depot : Här Gast Gibéryen

P.L. 6861

adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

**Groupe parlementaire**

Lëtzebuerg, den 20. Mäerz 2018

3

# MOTIOUN

D'Deputéierte-Chamber,

Ass sech bewosst:

- datt de Gesetzesprojet 6861 d'Schafe vun engem "Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS)" virgesäit;
- datt et wichteg ass, d'Lëtzebuerger Sprooch ze fërderen;
- datt een d'Lëtzebuerger Sprooch doduerch fërdere kann, datt ee Lëtzebuerger Begrëffer benotzt, fir ëffentlech Verwaltungen ze benennen.

Fuerdert d'Regierung dohier op:

- de Begrëff „Lëtzebuerger Rettungsdéngscht" als offizielle Numm fir de "Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS)" ze benotzen;
- als logesch Konsequenz dovunner Gefierer an Dokumenter vum "Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS)" mam Begrëff „Lëtzebuerger Rettungsdéngscht" ze beschrëften an dee Begrëff och als Numm op Gebaier, bei der Korrespondenz, op Fändelen an Uniforme ze gebrauchen, grad wéi seng Ofkierzung (säin Akronym) „LR";
- an engem Reglement a bei eventuellen Amendementer vum Gesetz dëse Sproochgebrauch legal ze verankeren.

G. Gibéryen